

CONSIGNE FIR DEN TRAINING BEIM AB CONTERN

SOULANG COVID ALARM ASS (update November 2020)

Une version française suivra dans les meilleurs délais/a version in english will follow soon !

Wa mer wëlle secherstellen dat och weiderhin an dësen Zäiten kann Basket gespilt ginn, ass et essentiell dass dei virgeschriwe Regeln a Moossnahmen ALLEGUER a vu JIDERENGEM respectéiert ginn.

Dofir : Den Trainer muss seng Spiller rappeléieren wéi d'Consigne sinn, an dass se mussen agehal ginn.

- 1) Eischte grouse Prinzip : e Spiller dee Symptomer huet, dei kënnen op COVID hindeiten, muss doheem bleiwen resp. direkt rem heemgoen ! Hien riskeiert net nëmmen sein Entourage a Gefor ze bréngen, mais och seng ganz Equipe, de ganze Club an am schlémmste Fall de ganze Championnat.
- 2) Jidereen muss seng Mask unhunn, fir an d'Hal a fir aus der Hal eraus, plus an de Vestiären a fir all Déplacement innerhalb der Hal, zb fir op d'Toilette ; just um Terrain brauchen d'Spiller se net unzehunn! Den Trainer muss awer de ganzen Training seng Mask unhunn !
- 3) Bei der Entrée a bei der Sortie muss jidereen seng Hänn un de Spenderen dei opgestallt sin désinfizeiren ; d'Spiller sollen souweit wei méiglech wann se kommen färdeg ugedoe sinn sou dass se an der Hal just den Trainingskostüm ausdoen an d'Basketsschong undoen mussen ; jidereen dierf nemmen seng eege Waasserfläsch benotzen
- 4) Ausser an Ausnahmefaell, sollen d'Vestiären an d'Duschen NET benotzt ginn bei den Traininger ! wann et eemol awer misst sinn, dann mat dem néidegen Ofstand an net zu méi wéi 4 am selwechte Raum.
- 5) Den Trainer suergt dofir dass virum Training d'Bäll an dat anert Material wat soll benotzt gin, désinfizeiert ginn ; D'Strutz steet am local technique a soll och ëmmer rem dohinner zereck gestallt ginn !
- 6) Op all Training muss den Trainer eng Lëscht opstellen vun de Leit déi op dem Training präsent waren ; Dei Lëschte gin nom Training per e-mail oder WhatsApp Message gescheckt un de Patrick Medinger, de Claude Mathieu an de JeanLou Margue, déi an deem Beräich de Kontakt mat den Autoriteiten machen (Gemeng, Portieren,...)
- 7) Tëschen den Trainingsentitéiten, sollen d'HaalenDiren opgemat ginn, zousätzlech zur Anlag dei an der Haal permanent d'Loft échangéiert ; mir kucken nach mat der Gemeng wei daat mam Lëften am bäschte kann organiséiert ginn.
Tëschent all Trainingsunitéit ass eng Paus vun 15 Minuten agebaut. Trainingszäiten sollen strikt vum Trainer agehaalen ginn.
- 8) Dat neit Reglement vun der Regierung gesäit vir dass « pro zone » nëmmen 3 Gruppen à je 4 Spiller, dh maximum 12 Spiller kënnen traineiren. D'FLBB huet recommandéiert pro Drëttel maximal je zwee Gruppen vu Spiller trainéieren ze loosson : also 2x4 Spiller x3 Felder = 24 Spiller maximal pro Training!
Dei Gruppe vu 4 sollen während dem Training zesumme bleiwen an net gemixt ginn ! Wann et der méi wéi 12 wieren, dann get gekuckt fir där Kategorie op eisem Trainingsplang eng zousätzlech Plage ze organiséieren.
N.B : An eiser Haal Um Ewent » hu mir - je no Situatioun - zwou oder drei Zonen, an déi mussen durch 1 oder 2 Rideauen getrennt ginn.
- 9) D'Participation vun eise Spiller ass ab elo op eng eenzeg Kategorie beschränkt, dat heescht dass et de Moment a jusqu'à nouvel avis net erlabt ass, dass Spiller a verschiddene Kategorien traineiren ! E Cadet muss also entweder mat de Cadets traineiren, oder mat den Espoirs oder mat der éischter Equipe ... an net méindes mat der enger an dënsdes mat enger anerer Kategorie.

- 10) Fir d'Kraizen an der Haal op e Minimum ze beschränken sollen d'Spiller déi Zone déi fir hiren Training virgesinn ass, eréischt 5 Minuten virum Ufang vum Training betrieden, an och wa méiglech 5 Minutten no hirem Training d'Hal verloossen.
Fir heem ze goen sollen d'Spiller d'Trapen eropgoen an d'Sortie benotzen wou normalerweis d'Zuschauer eran- an erausginn.

Fir Traininger wou regelméisseg méi wéi 12 Spiller pro Kategorie erward gin (Beispill : Butzen, Débutants,...), gin nach zousätzlech Regeln a Recommandatiounen opgestallt

E laeschte grouse Prinzip zum Schluss :

An der heitéger Situatioun hu mir voll Versteesdemech wann een net kann oder wëll op den Training kommen. Et brauch een dofir och keng Ursach unzegin !

et soll een sech just awer bei sengem Trainer ofmellen ! Merci !

De Comité vum AB Contern

4.November 2020